LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2024

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du président de la Chambre des députés,
Claude Wiseler

Monseigneur, Madamm, Här Premierminister, léif Éieregäscht, léif Matbiergerinnen a Matbierger.

Ech sinn 1960 gebuer. Ech gehéieren zu enger Generatioun, déi nom Krich d'Chance hat, an engem Land ze liewen, dat befreit war vun der Diktatur, wou mir zënterhier am Fridden an an der Fräiheet eng erstriewenswäert Zukunft opgebaut hunn. Mat Freed a mat Vertrauen.

Ni an deene leschte 60 Joer hätt ech geduecht, mir misse Suergen doriwwer ze maachen. Demokratie, de Rechtsstaat, Fridden a Fräiheet waren hei am Land zur Normalitéit ginn. Net méi ewechzedenken. Vun „normal" sinn se vläicht souguer beemol zu „banal" a selbstverständlech ginn.

D'Evenementer ronderëm d'Welt, méi wäit ewech a méi no bei eis, hunn eis gewisen, wéi séier dat kann änneren.

Haut ass Krich op ville Plazen, och an Europa. Onofhängeg Länner gi bedrot an iwwerfall, fir hinnen d'Fräiheet ze huelen. Jonk, mee och laangjäreg Demokratië ginn a Fro gestallt an hir Grondprinzippien hannerfrot an ausgehielegt. Net ëmmer mat Gewalt, mee oft Schrëtt fir Schrëtt, Element fir Element vun deem, wat e Rechtsstaat ausmécht.

Eng Demokratie ass net just mat Wale gläichzestellen. Et ass vill méi. Demokratie steet fir fräi Walen, wou all Kandidat an all Meenung zougelooss ass. A wou déi reell Méiglechkeet vun engem Muechtwiessel besteet.

Pressefräiheet ass e weidert Element. An och wann een heiansdo als Politiker vun der Press zolidd kritiséiert gëtt an net ëmmer frou doriwwer ass, ass et e Seegen, datt d'Press d'Politik zu Lëtzebuerg däerf kommentéieren a reegelméisseg an hefteg kritiséieren. Eng fräi Press, déi der Wourecht verschriwwen ass, ass an Zäite vu Fakenews an onkontrolléierte soziale Medie méi wéi jee weesentlech.

Eng onofhängeg Justiz ass och en Deel vun der Demokratie. Eng Justiz, déi net vun der Politik beaflosst a kontrolléiert gëtt, déi duerch d'Gewaltentrennung geschützt ass an déi dem Rechtsstaat verflicht ass.

Et ass net fir näischt, datt a ville Länner d'Ofschwächung vun der Demokratie mat der Ënnerwerfung vun der Press a vun der Justiz ufänkt.

Fräi kënnen ze schwätzen, seng Meenung ze soen, ze manifestéieren, gehéiert och zur Demokratie. A wa mer op Manifestatiounen heiansdo als Politiker geschleeft ginn, musse mer frou sinn, datt dat an eisem Land méiglech ass.

Mat anere Meenunge kënnen ëmgoen, Differenzen duerch Wierder an net mat Gewalt klären ass dat, wat eis als demokratesch Gesellschaft ausmécht. Et ass och dat, wat eist Parlament ausmécht. Eng Plaz, wou absolut fräi ka geschwat ginn an am Dialog - och wann en heiansdo méi hëtzeg ass - Decisioune fir eis gemeinsam Zukunft geholl ginn. Eng Plaz, wou d'Resultat vu fräie Walen akzeptéiert an net a Fro gestallt gëtt.

Ze gleewen oder och net a seng Relioun ze liewen, wann een dat da wëll, eng fräi Fuerschung, sech fräi beweegen, wéini a wouhin ee wëll, sinn och Grondfräiheeten, déi zu eiser Demokratie gehéieren.

„Wehret den Anfängen" ass nom Zweete Weltkrich ëmmer erëm gesot ginn.

„Wehret den Anfängen" heescht fir mech, datt Fräiheet an Demokratie e Ganzt sinn, an déi geféierlechst Aart a Weis, se ze verléieren, ass manner duerch e Krich oder e Putsch, mee villméi duerch d'Opgi vun eenzelne Stécker vun deem, wat se ausmécht, Stécker, déi eis fräi Gesellschaft definéieren.

An dat ass de Sënn vu mengem Message vun haut.

Demokratie a Fräiheet sinn net einfach ginn, net selbstverständlech. Mir mussen eis fir si asetzen. Fir si kämpfen. Fir all eenzelt Stéck, dat si ausmécht. Kee Millimeter opginn. Weder hei zu Lëtzebuerg nach an Europa, nach doriwwer eraus.

Et gëtt zwee Sätz an eiser Nationalhymn, déi mech iwwert all déi Zäit gepräägt hunn.

Deen éischten, aus der éischter Stroph vun eiser Heemecht, ass:
„Dat ass onst Land, fir dat mir géif, heinidden alles won".

Generatioune virun eis hu villes - wann net alles - gewot fir eist Land. Géife mir haut dat selwecht maachen? Hätte mir haut dee selwechte Courage? Ech hunn d'Gewëssheet, datt et derwäert ass, och haut nach fir eist Land, eis Fräiheet an eis Demokratie anzestoen an zesummenzehalen.

Den zweete Saz aus der Heemecht, dee mech markéiert huet, ass de Schluss vun der leschter Stroph. Fir mech dee wichtegsten an dee schéinste vun en all. Dofir sange mer e warscheinlech och gläich zweemol:
„Looss viru blénken d'Fräiheetssonn, déi mir sou laang gesinn. "

Ech géing en haut am léifsten e wéineg ëmschreiwen a soen:
„Looss viru blénken d'Fräiheetssonn, dass mer se nach laang gesinn. "

Dat ass haut, um Dag wou mir den offizielle Gebuertsdag vun eisem Staatschef an domat och eist Land an eis Fräiheet feieren, mäin allergréisste Wonsch.

Vive de Grand-Duc, vive eis groussherzoglech Famill, vive Lëtzebuerg a vive Europa.